



# ANCIENS ÉLÈVES

KEN BARTHELMEY

DANIELLE KUTTEN

JOS GIANNANDREA

MICHEL BICHLER



## KEN BARTHELMEY

### Wéi een Diplom hues du am Lycée technique des Arts et Métiers gemaach?

Ech hunn eng 13<sup>e</sup> Division Artistique gemaach an hunn 2010/2011 mäin Diplom kritt.

### Wéi eng Erënnerunge verbënns du mam LTAM?

Ech ka mech nach ganz gutt un meng Klass erënneren. Zemools déi lescht Joren hate vill Spaass gemaach. Ech ka mech och nach gutt un d'Madame Wagner erënneren. Ech hat eng Kéier heemlech eng Karikatur vun hir an der Klass gemoolt, eng Frëndin, déi nieft mir souz, hat doropshi missten haart laachen. Dat war witzeg, awer och e bësse peinlech, haha! Si hat awer gelaacht a gesot, si hätt an hirer Schoulzäit och ëmmer d'Proffe gemoolt.

### Wéi ass deng Léift zum Zeechnen entstanden?

Meng Léift zum Zeechnen hat ech schonn ëmmer, besonnesch Film-Monstere hu mech ëmmer interesséiert. Ëmmer, wann ech e Film gekuckt hunn, hunn ech duerno d'Monstere opgezeechent. Ech mengen, ech war 6 oder 7 wéi ech Jurassic Park fir d'alleréischt gesinn hunn, dee Film ass bis haut meng gréissten Inspiratioun. Wéi ech dee Film gesinn hunn, wosst ech, dass ech iergendeppes mat Film maache wëllt. Ech wosst dunno awer nach net, dass et Kënschtler ginn, déi déi Monstere designen a maachen. Dass dat e Beruff ass, hunn ech réischt vill méi spéit realiséiert.

### Wat hues du gemaach, wéi's du däin Ofschloss an der Täsch has?

No mengem Ofschloss hunn ech mech entscheet, net studéieren ze goen. Ech wollt mech direkt op mäi Portfolio konzentréieren. Mäi Plang war, meng Techniken a Stil ze verfeinere, fir sou schnell wéi et geet eng professionell Qualitéit a menger Aarbecht ze erreechen. Ech hunn all Dag gemoolt an nei Saache geléiert. Mat der Zäit hu sech meng Biller ëmmer méi am Internet verbreet, wourop ech meng éischt Opträg kritt hunn. Wann ech eppes anescht maache kéint, dann hätt ech mech wahrscheinlech éischer op dat Geschäftlecht konzentréiert. Besonnesch am Ufank hat ech Problemer, well ech net wosst, wéivill ech fir meng Aarbecht froen soll bzw kann. Dat léiert een awer och mat der Zäit.



### **Wéi gesäit däi Berufsalldag haut aus?**

Mäi Berufsalldag gesäit bei all Optraag anescht aus. Heiansdo muss ech laang op e Feedback waarden, eng aner Kéier weess ech genau, wat ech ze maachen hunn. Ech kontrolléieren ëmmer fir d'éischt meng Emailen. Duerno maachen ech normalerweis eng kleng Recherche, fir interessant Referenz-Biller ze fannen. (Biller vun Déieren oder Insekten sinn ëmmer hëllefreich fir realistesch Designs ze maachen.) Wann ech eng nei Iddi hunn, skizzéieren ech déi direkt a mäi Skizzebuch fir se net ze vergiessen. De Rescht vum Dag schaffen ech un mengem Opdrag a probéiere meng Terminer all anzehalen. A soss, wann ech méi Zäit hunn, schaffen ech un mengem eegene Projeten.

### **Du hues schonn zweemol un Hollywood-Verfilmunge matgeschafft, als éischt um Film „The Maze Runner“ fir deen's du d'Griever-Monster entworfen hues an och fir „The Scorch Trials“ waars du erëm an Asaz. Wéi ass et zu där Zesummenaarbecht komm?**

De Regisseur Wes Ball hat puer vum mengem Designs op enger Websäit entdeckt an hat mech doropshi kontaktéiert. Hie sot, hie wier e Fan vun meng Saachen a wollt wëssen, ob ech Loscht hätt, d'Monstere fir säi Film ze designen. Säit menger Kandheet dreemen ech dovunner, u sou Filmer ze schaffen an da kréien ech einfach sou eng Email aus Hollywood... Ech hat natierlech net laang missten iwwerleeën. Ironescherweis war den Maze Runner ee vu mengem éischte groussen Opdrag. Ech hat dunn nach net vill Erfahrung, fir mat Clienten zesummenzeschaffen. Ech hu geleiert, dass et besser ass, seng Ideeën direkt ze weisen, amplaz ze erklären. Et ass och gutt, wann ee schnell schaffe kann. Dofir fänken ech normalerweis ëmmer mat Bläistiftskizzen un a fueren da mat 3D weider. Wann een un sou engem Film schafft, ass d'Chance grouss, nei Kontakter ze kréien. Ech hat lo virun puer Woche mat engem geschafft, deen un den originalen Alien-Filmer geschafft huet. Dat war cool.

### **Wat sinn d'Vir- resp. d'Nodeeler, wann een an dengem Beruff selbstänneg schafft?**

De gréisste Virdeel, wann ee selbstänneg schafft, ass, dass ee sech seng Aarbechtszäite selwer andeelen kann. Dat ass eng gutt Saach, well Fräiheet ass mir wichteg. Soulaang ee seng Terminer all anhält, ass dat top. Wann ee wëll, kann een och u puer Projete gläichzäiteg schaffen, dat maachen ech awer selten, well et extrem stresseg ass.

Den Nodeel ass dass een net ëmmer en interessanten Opdrag huet. Ech nützen déi fräi Zäit dann, fir u mengem eegene Projeten ze schaffen oder meng Techniken ze verfeinere. E groussen Nodeel ass och, dass ee sech selwer ëm dat ganz Geschäftlecht bekëmmere muss, wat ech perséinlech net sou gär maachen.

### **Kanns du eis verroden, u wats du am Moment amgaangen bass ze schaffen?**

Ech hat lo viru Kuerzem um The Death Cure, den drëtten Deel vum Maze Runner, geschafft. Et bedeit mir ganz vill, un der ganzer Trilogie geschafft ze hunn, sou eng Opportunitéit kritt een extrem selten. Ech hunn och nach un e puer aner Filmer geschafft, doriwwer dierf ech awer nach net schwätzen. Een ass eng Fortsetzung vun engem Liiblingsfilm. Et kënn mir nach ëmmer sou vir wéi en Dram, dorunner geschafft ze hunn.

Momentan konzentréieren ech mech awer och op mäin eegene Projet. Et ass enorm vill Aarbecht, ech si mir awer sécher, dass sech dat alles iergendwann lount.


### **Wéi eng Rotschléi kanns du deene Schüler ginn, déi vir hunn, an deem selwechte Beräich wéi's du wëllen ze schaffen?**

E gudde Kënschtler hält ni op ze léieren, dofir ass et wichteg, sech Zäit ze huelen, fir nei Techniken ze léieren. Originalitéit ass och extrem wichteg. Et ass gutt, all Dag mindestens eng nei Skizz ze maachen. Meng beschten Ideeën hunn ech all a mengem Skizzebuch. Heiansdo, wann ech un engem Opdrag schaffen an keng Idee hunn, bliederen ech schnell duerch meng al Skizzen.

Et muss een déi Aarbecht gären hunn an haartnäckeg sinn. Wanns de en Dram hues, lauschter net drop, wat déi aner soen, zéi et einfach duerch. Wanns de Vertrauen an dech selwer hues a bereet bass, net opzeginn, da kanns de alles erreechen. ◀







## Auszeichnungen vom Ken

**2013** Chesley Award for Best Magazine Cover Illustration | **2013** Infected by Art Gold Award | **2013** CG Choice Award  
**2012** 3DTotal Excellence Award | **2011** CGArena Excellence Award | **2011** CG Gallerie Award | **2011** The Golden Eye | The Golden Topia Award





## DANIELLE KUTTEN

### **Wéi een Diplom hues du am Lycée technique des Arts et Métiers gemaach?**

Ech hunn 2013 eng 13<sup>e</sup> Technique Générale ofgeschloss. Ech war virun op 4<sup>e</sup>, wou ech bësse Problemer mat de Sproochen hat. Op der Technique Générale hunn ech du gemierkt, dass déi Fächer mir vill besser leien.

### **Du hues dän Ofschloss mat enger ganz gudder Moyenne gemaach. Wéi eng Rotschléi kanns du anere Schüler mat op de Wee ginn?**

Et ass wichteg, d'Matière scho während dem Joer ze verstoen. Ech hunn ëmmer gutt vir d'Prüfung geléiert, esou dass den Examen nëmmen nach eng Widderhuelung war. Da soll ee fréi genuch virum Examen ufänke mat léieren / widderhuelen. Am beschte mëcht ee sech kuerz virum Examen e Stonneplang, wou ee genau dropschreift, wéini d'Examen sinn a wéini ee wéi ee Fach léiert. Esou hues ee eng gutt Iwwersiicht a fillt sech méi séche.

### **Wat méchs du am Moment?**

Ech maachen zu Bonn eng Ausbildung vun 3 Joer als Orthoptistin a si momentan am 3ten Ausbildungsjoer. An dësem Beruff léiert een d'Präventioun, d'Ënnersichung an d'Behandlung vu Schielerkrankungen (Balucken), Séischwächen, Aenzidderen a Beweegungsstéierunge vun Aen. Et hues ee mat Patiente vun allen Altersgruppen ze dinn, awer virun allem mat Puppelcher a kleng Kanner.

### **Wéi hues du dech fir dat Studium entscheet**

Ech hunn dëse Beruff zoufällig op der Foire des Etudiants entdeckt an hu mech direkt dofir interesséiert, well et e speziell Gebitt ass. Ech hu mech entscheet, an Däitschland ze goen, well mir Däitsch besser läit wéi Franséisch.

### **Waars du no dem Lycée gutt preparéiert fir deng Studien?**

Ech war net esou gutt op meng Studien preparéiert. Dat eenzegst Fach, wat mir e bëssen eppes bruecht hues, war Physik (Optik). Bio hues mir definitiv gefeelt

### **Wat gefällt dir un dengem Studium ? Wat net?**

Ech fannen et gutt, dass ee während der Ausbildung immens vill Praxis hues an domat och Patientekontakt. Den Nodeel bei dëser Ausbildung ass, dass een eréischt no 3 Joer en Ofschlossexamen hues an dowéinst ganz vill Stoff an enger Kéier léiere muss.

### **Hues du schonn eng Idee, wats du no dengem Bachelor-Ofschloss wëlls maachen?**

Ech wëll zu Lëtzebuerg als Orthoptistin schaffe goen. Eventuell hanken ech nach e puer Weiterbildungen am Laf vun der Zäit drun. ◀





## JOS GIANNANDREA

### **Wéi een Diplom hutt Dir am Lycée technique des Arts et Métiers gemaach?**

Ech war vun 1977-85 (7<sup>e</sup>-13<sup>e</sup>) an der „Ecole des Arts et Métiers“ esou huet de Lycée deemols geheescht.

Mir waren déi éischt Schüler, déi ee „Bac technique“ gemaach hunn. Daat éischt Joer sinn allerdéngs vill Schüler duerchgefall, well déi meeschte wierklech net richteg wossten, wat si do erwaart.

### **Wéi eng Erënnerunge verbannt Dir mam LTAM?**

Ech verbanne ganz gutt Erënnerunge mam Arts et Métiers. Ech erënnere mech, dass mir ganz vill Zäit an den Ateliers geschafft hunn, vun de 36-38 Schoulstonnen d'Woch huet ee 16-18 Stonnen am Atelier verbruecht. D'Zil war, eng „Geselleprüfung“ ze maachen, en CATP.

Et war net nëmmen eng Schoul fir d'Schüler, mä och eng Schoul fir d'Liewen. Et war ganz vill Technik a wat engem deemools gefeelt huet dat waren d'Sproochen a Fächer wéi Geschicht etc. Wéi dunn d'Technique générale ugebuede ginn ass, si ganz vill Schüler an ech och dohinner gewiesselt, well do nach ganz aner Fächer ugebuede gi sinn.

### **Wat hutt Dir gemaach, wéi Dir Äeren Ofschloss an der Täsch hat?**

Ech sinn duerno Elektrotechnik/Telekommunikatioun op Kaiserslautern studéiere gaangen. Fir en Ingénieurstudium an Däitschland ze maachen, muss een am Prinzip 26 Woche Stage maachen am Laf vun den éischten 2-3 Joer. Well mir aus dem Arts et Métiers komm sinn an eng Geselleprüfung (CATP) haten, krute mir eng Dispense fir déi Stagezäit. Ech hunn awer aus Eegenintressi nach Stage gemaach.



### **Wéi gesäit Ären Parcours professionnel bis zur aktueller Aarbecht aus?**

Ech hunn 1991 ugefaange mat schaffen an ech wollt och an deem Beräich schaffen an deem ech mech spezialiséiert hat, dat war Telekommunikatioun mat enger Verdéiung an der Mikrowellentechnik. Do koumen zu Lëtzebuerg net allze vill Firmen a Fro. Wéi ech mat mengem Studium fäerdeg war, huet d'SES grad Leit gesicht. Ech hunn du meng Kandidatur gestallt an ech sinn als „junior engineer“ – esou huet een dat deemools genannt - agestallt ginn. Ech hunn am Ufank an deem Departement geschafft, dat sech mat der Buedeminfrastruktur vun de Satellite beschäftegt huet, an ech si bis 2001 do bliwwen. Ech hunn awer parallel nach een MBA mam Schwéierpunkt Finance gemaach, dee wéi ech fannen ee ganz wichtege Complement zum Ingenieursdiplom ass. Dunn huet sech ugebueden, een neie Service opzemaachen an innerhalb vun SES eng start-up ze lancéieren mat spezialiséierte Servicer a fir déi ze commercialiséieren. Mat engem Kolleg zesummen hu mir dat dunn op d'Bee gestallt an an deem Service schaffen ech och nach haut.

### **Wat mécht dëse Service?**

Dee Service oder besser gesot déi Firma, déi et mëttlerweil ass (GROUPE SES), vermarktet déi Kompetenzen, déi mir fir eis eege Besoinen hei zu Betzder hunn a fir aner Firmen, déi déi Besoinen och hunn, mä déi awer d'Kompetenzen net hunn, sief et eng Buedeminfrastruktur opzebauen resp. e Satellit ze bedreiwen. An ech schaffen elo an der Leedung vun där SES-Duechterfirma zesumme mat nach 3 aner Leit, déi och an deem Mangament-Comité sinn. Mäi Kompetenzberäich betrëfft alles, wat Realisatioune vun Verträge, vu Projeten oder vu Servicer ass a meng Équipe besteet aus 25 Leit, eng Zuel, déi awer variéiert, je nodeem ob mer nach op aner Leit am GROUPE SES zeréckgräifen, do kënnen dann och emol bis zu 40 Leit un engem Projet schaffen.

Ech hunn ugefaangen an enger reng technescher Aufgab an ech sinn dunn iwwergaang an eng méi technico-commerciale Tâche an haut schaffen ech an engem Beräich, wou ee méi Gérance/Management mécht.

### **Dir këmmert Iech och ëm de Rekrutement vun de Leit, dës komme jo ausschliesslech aus dem Ausland. Wéi gesäit esou een Interview aus an wéi ass et mat de Sproochen?**

Deen éischte Punkt ass schonn emol, dass mir guer keng Lëtzebuenger Kandidature kréien. Déi meeschte Bewerber sinn aus Südeuropa an zum Deel och aus Osteuropa, an et sinn ëmmer manner Däitscher oder Fransousen. Et sinn also ganz wéineg Leit aus eiser Emgéigend déi an dee Beräich wëlle goen. Mir kucken eis den CV un a féieren och Telefonsinterviewen, wouropshin den Kandidater dann bei eis fir e Virstellungsgespräch invitéiert gëtt oder net.

Wat d'Sprooch betrëfft, do huet een als Lëtzebuenger natierlech ee ganz grouse Virdeel, wann een déi 3 Sproochen beherrscht. Mir kënnen leider net erwaarden, dass déi Leit, déi sech bei eis bewerben, 3 Sproochen schwätzen, wichteg ass da virun allem, dass si Englesch beherrschen. Mir kontrolléieren awer oft duerch ee Gespréich an e schrëftlechen Test, wéi gutt si wierklech am Englesche sinn an wéi gutt se d'Sprooch schreiwe kënnen. Da gehéiert och zum Interview, dass de Kandidat soll eng Présentatioun preparéieren iwwert een Thema wat hie vun eis kritt an dann weisen soll wéi hien en bestemmtenen Aspekt géif ugoen wann hien z.B. misst ee Konzept erstellen. Gekuckt gëtt dann, wéi gutt de Kandidat viru Leit, déi hien net kennt, presentéiere kann an wéi hien op Froen äntwert, déi him gestallt ginn.

### **Wann Dir op e Ären berufflesche Parcours zeréckkuckt, wat géift Dir anesches maachen oder wéi eng Recommandatioune géift Dir de Schüler mat op de Wee ginn?**

Ech si bei der SES, säitdeem ech mat schaffen ugefaangen hunn an dat ass eppes, wou ee sech iwwerleeën soll, ob een dat wëll. Et ass elo eppes, wat ech fir mech net regrettéieren, awer et soll ee villäicht net scheien, d'Firma ze wiesselen. Ech hat elo d'Chance, innerhalb vun der SES e puer mol kënnen ze wiesselen an doduerch sinn ech a verschidden Domainen komm an hunn esou divers Beräicher gesinn.

Am Réckbléck soen ech mer just, dass ech et gutt géif fannen wann ee sech no senger Uniszeit en halleft resp. ee Joer Zäit hält, fir eppes ganz anesches ze gesinn a säin Horizont erweidert, sief dat eng ONG-Aarbecht oder esouguer hei zu Lëtzebuerg am soziale Secteur, d.h. eppes mécht, wat net onbedéngt säi Liewenszil ass, mä eppes ganz anesches erlieft viru sengem Beruffsliewen. ◀





## MICHEL BICHLER

### **Wéi een Diplom hues du am Lycée technique des Arts et Métiers gemaach?**

Ech hunn eng 13<sup>e</sup> Technique Générale gemaach an ech hunn 2010 mäin Diplom kritt.

### **Wat hues du gemaach, wéi's du däin Ofschloss an der Täsch has?**

Nodeems ech am Summer 2010 mäin Ofschloss am Arts et Métiers gemaach hunn, hunn ech mech ob der TU München fir e Studium am Bauwesen ageschriwwen. Mäi Choix, mech fir de Beruff vum Bauingenieur ze entscheiden, hat sech zum Schluss vu menger Lycéeszäit konkretiséiert. Laang Zäit wollt ech ee Wee an der Architektur aschloen. Mir ass awer ëmmer méi bewosst ginn, dass meng Talenter a meng Begeeschterung an de Fächer vun den Naturwëssenshafte loungen. De Beruff vum Bauingenieur bitt mer d'Méiglechkeet, an der spannender Welt vun der Bauwirtschaft tätig ze sinn, wou ee mat immens ville verschiddene Leit zesummen un der Kreatioun vun engem Bauprojet schafft a gläichzäiteg seng naturwëssenschaftlech Interessen a Stärkten abréngen kann.

### **Wéi eng Erënnerunge verbënns du mam LTAM?**

Ech erënnere mech gären zréck un den Arts et Métiers, well ech mech hei immens wuel gefillt hunn an ech d'Gefill hat, schoulesch gefördert ze ginn an optimal op mäi Studium virbereet ze ginn. Gären erënnere ech mech un de Mathé-Cours vum Här Schaetzel an der Madame Hitzky, bei deenen ee vill Zäit verbruecht huet an et awer fäerdeg bruecht huet, eng Begeeschterung dofir ze entwéckelen. Donieft bleiwen Erënnerungen un de Physik-Cours beim Här Kneip hängen, bei deem d'Prüfung ëmmer een anstännege Würzegrad hat. Egal wéi gutt ee preparéiert war, waren d'Aufgaben ni lichter a genuch Zäit, fir alles ze bearbechten, war och net ëmmer do.

Am Nachhinein denken ech awer, dass dat ee gudden Training war, well et op der Uni net anescht ass. Do sinn d'Klausuren sou opgebaut, dass een ouni laang ze iwwerleeën säi Wëssen ofruffe muss bei extrem héijen Zäitdruck. Gären denken ech och un all meng Matschüler zeréck, déi mech a menge 4 Joer begleet hunn. D'Klass huet während de Joren immens gedréint, well ëmmer nees nei Leit bäikomm sinn oder anerer fortgefall sinn. Mat vereenzelte Leit ass een awer haut trotz de wäiten Distanzen, déi tëschent engem leien, nach ëmmer ganz gutt.





### Has du op der TG eng gutt Basis kritt, fir däi Studium als Bauingenieur unzufänken?

Mat menger Basis aus dem Arts et Métiers war ech immens zefridden. Ech hu mech optimal fir e Studium am Ingenieurswiese virbereet gefüllt. Meng Basis an der Mathé an an der Physik waren immens wichteg, fir an den éischte Semester ze bestoen. Ech hunn et immens gutt fonnt, dass ee schonn eng klengen Abléck an d'Mechanik krut, wat während mengem Studium den Alldag bestëmmt huet. Ech sinn immens frou, dass ech am Lycée vill Informatik hat an ech d'Programmëre geléiert hunn. Zu deem Zäitpunkt, wou ech do an der Bänk souz, hunn ech net geduecht, wéi vill ech haut domat konfrontéiert géif ginn. Als Kritikpunkt kann ee vläit nennen, dass eng Technique Générale méi op ee Studium am Maschinnebau préparéiert, wann een un d'Fach vun der Techno denkt. Vläch kann een dat Fach bässe méi generell gestalten, andeems och aner Ingenieursberäicher behandelt ginn.

### Firwat hues du München ausgewielt, fir däi Studium ze maachen?

Fir mech war ëmmer kloer, dass ech mir eng Studieplaz eraussichen, déi net direkt virun der Dier läit. Ech wollt eraus aus deem klengen Lëtzebuerg (obwuel ech nach ëmmer gär doheem sinn) an op eegene Bee stoen. München huet mech, säit ech mer Gedanken iwwert mäi Studium gemaach hunn, ëmmer scho gereizt. Matt der TU München hat ech d'Méiglechkeet, op enger renommierter Universitéit ze studéieren. Zousätzlech konnt ech an enger Stad studéieren, déi mer alles bitt, fir mech wuel ze fillen. De Begrëff «Weltstadt mit Herz» trifft et zimlech op de Punkt. Si kombinéiert een typescht Grousstadliewe mat enger bayrescher Gemittlechkeet, wou d'Liewensqualitét voll op hir Käschte kënnt. Vill Natur a gudder Béier suerge fir een optimaalt Gläichgewicht. Fir dem Alldagsstress ze entkommen, ass een immens séier an den Alpen oder op engem Séi, wou ee komplett ofschalte kann.

### Wou hues du däi Praktikum gemaach (Bureau d'études, entrepreneur, Verwaltung,...?) an huet déi Experienz dir vill bruecht? Wou géifs du den zukünftege Studente roden, hire Stage ze maachen, éischter am Ausland oder villäicht zu Lëtzebuerg, en vue fir spéider do agestellt ze ginn?

Während mengem Studium hunn ech souwuel Experienzen zu Lëtzebuerg wéi och zu München gesammelt. Fir de Bachelorofschloss huet ee missen 10 Woche Baustellepraktikum maachen, déi ech hei zu Lëtzebuerg bei Entrepreneuren gemaach hunn. Dono hunn ech Stagen hei zu Lëtzebuerg am Beräich vun der Konstruktioun gemaach, fir ee Gefill dofir ze kréien, wat mech herno a mengem Beruff erwaarde wäert. Während mengem Master hunn ech niewent der Uni als Werkstudent geschafft, wou ech eemol d'Woch an engem Bureau d'études ausgehollef hunn an doduerch mäi Besuch zur Wirtschaft verdéift hunn. Ech sinn der Meenung, dass jiddere fir sech rausfanne muss, wat fir hien dat beschst ass. Stage sinn déi optimal Geleeënheet, sech d'Berufswelt anzukucken an erauszefannen, wou een herno schaffe wëll. Donieft huet een d'Méiglechkeet, säi Kënnen ënner Beweis ze stellen an duerch e positiven Androck sech eng Dier fir d'spéider Beruffsliewen oprecht ze erhalen. Ech perséinlech denken, dass Lëtzebuerg immens kleng ass, an dass et immens wichteg ass, bessen iwwer d'Grenzen erauszekucken an och mol op anere Plazen Experienzen ze sammelen. Sief et duerch ee Stage oder och eng Aarbechtsplaz. Et ass een nëmmen eemol jonk an et kann een ëmmer nach eng Kéier zeréckkommen. Wann een awer mol bis eng Kéier zu Lëtzebuerg ugefaang huet, ass et immens schwéier, nach eemol eppes anescht ze gesinn.

### Wéi eng Richtung am Beräich Bauingenieur hues du op dengem universitäre Parcours verdéift an firwat

Während mengem Studium hunn ech mech am konstruktiven Ingenieurbau spezialiséiert. Ech konnt mech am meeschte mat de Fächer vun der Statik identifizéieren an doduerch war mäi Werdegang zimlech séier kloer. Am Master hunn ech Statik, Stolbetonbau, Metallbau an Holzbau verdéift. Duerch meng Fächerwiel hunn ech meng Interessen ofgedeckt a gläichzäiteg mir e Basiswësse verschafft, wat ech als wichteg empfongt hunn, fir mech spéider am Beruff ze developpéieren.

### Du hues elo 5 Joer Uni hannert dir a bass amgaangen, deng Masteraarbecht ze schreiwen. Ëm wat geet et bei denger Aarbecht?

Mäin Thema befaasst sech mat der Forschung am UHPC-Beton (Ultra High Performance Concrete). Heibäi handelt et sech ëm eng neiaarteg Zort Beton, deen immens héich Drockfestegkeeten erreecht an doduerch d'Baue vu méi fillig anen a liichte Konstruktiounen aus Beton erméiglecht. A menger Aarbecht analyséieren ech mat Hëllef vun numeresche Simulatiounen d'Tragverhalte vun dësem Material. Heibäi gëtt un engem konkrete Bréckenträger d'Brochlaascht an d'Versagensart bei gezielte Variatiounsparameter ënnersicht a mat Träger aus konventionellem Beton verglach. D'Auswäertunge vu menger Aarbecht fléissen dann an d'Dimensionéiere vu konkrete Versichsträger an, déi am Institut an nächster Zäit duerchgeféiert ginn.

### Wat ass däi Projet no der Masteraarbecht? Wëlls du eventuell een Doktorat maachen?

Am Summer wäert ech zu München an engem Ingenieurbureau ufänken. De Bureau ass op Tragwerksplanung a Prüfstatik spezialiséiert an ech wäert an der Abteilung vum Bréckebau schaffen, wou et ëm d'Dimensionéieren, Berechnen a Bewäerte vu Bréckekonstruktiounen geet. Bei menger Bachelor- a Masteraarbecht konnt ech mech immens vill fir d'Forschung begeeschteren a kéint mer och virstellen, heiranner nach eng Kéier tätég ze ginn. Am Moment fillen ech mech awer éischter zur Wirtschaft higezunn, well ech elo 20 Joer laang d'Schoulbänk gedréckt hunn an endlech de Berufsmarché entdecke wëll. Mat menger Aarbechtsplaz zu München erwaarden ech mer, wäertvoll Beruffsexperienzen am Ausland ze sammelen a gläichzäiteg u grouse Bauprojekte matwierken ze kënnen. ◀





## Visite de Monsieur Mars Di Bartolomeo, président de la Chambre des Députés

Le 6 juillet 2015, le LAM a eu l'honneur d'accueillir Monsieur Mars Di Bartolomeo. Après s'être entretenu avec la classe des mécatroniciens et leur professeur Monsieur Patrick Havé, il a reçu des explications sur l'Ecotöff II par Monsieur Sam Elsen. Les élèves des classes T2DG, 12GE2 et 12GI, préparés par Mesdames Nadine Schmitz et Christine Schaefer, ont eu l'occasion de discuter avec le président de la Chambre des Députés sur les sujets d'actualité qui les préoccupent. Très satisfaits, les élèves reviendront certainement sur l'invitation de Monsieur Di Bartolomeo pour visiter la Chambre des Députés et assister à des débats.

Un grand merci de la part du LAM pour cette rencontre hors du commun. ◀







Guy Rewenig

Am 27. Januar 2016 stattete der luxemburgische Schriftsteller Guy Rewenig unserer Schule einen Besuch ab. Zu dieser Lesung waren alle drei Klassen der 11TG eingeladen. Auch gesellten sich einige Lehrer dazu, um mehr über die neuesten Bücher des Schriftstellers zu erfahren. Guy Rewenig las aus seinen drei neuen Büchern. Das Werk „Je n'arrive pas à dormir“ ist eine ironische Erzählung über einen Menschen, der nicht schlafen kann. Auch gab es einige Gedichte zu hören. Das Band „All unsere Leitungen sind leider besetzt“ erzählt von aktuellen Problemen in unserer Welt. Satirische Erzählungen gab es aus dem Buch „Zuppermänner“, in dem es um die Herren der Schöpfung ging, mit einigen Anspielungen auf die Realität unseres Landes.

Mit großer Begeisterung wurde die Lesung verfolgt. Die geplante Interaktion mit dem Schriftsteller traf nach anfänglicher Zurückhaltung dennoch bei den meisten Schülerinnen und Schülern auf Begeisterung. Viele Schüler haben sehr gut mitgearbeitet, so dass man sagen kann, dass die Lesung ein großer Erfolg war. Dies bestätigte auch Guy Rewenig, der sich prompt nach der Lesung mit einer Email bei den Schülern für die Aufmerksamkeit und das Mitarbeiten bedankt hat. ◀

Patrick DENTZER

# Rencontres

Le 29 janvier 2016, M. Alistair Ross, professeur à la London Metropolitan University, a visité le LAM. Il mène un projet de recherche sur les idées des jeunes dans plusieurs pays, entre autres au Luxembourg. A cet effet, il s'est réuni avec plusieurs élèves du LAM autour d'une discussion afin d'analyser leur sentiment d'appartenance à la communauté, région et au pays de ces derniers. ◀



Alistair Ross



# WORKSHOP RAUMSTRUKTUR UND **תצפית** -TRAIL

## MUDAM

19.02.2016 • T3DG

Der Workshop RaumStruktur, in dem mit unterschiedlichen Raumgefühlen experimentiert wird, entwickelte sich in einer Zusammenarbeit zwischen dem Architekten Philippe Schmit und dem Designer Leif Heidenreich. Die Gruppe wurde von den Damen Valérie Tholl und Nadine Erpelding aus dem MUDAM geleitet und von Frau Andrée Pundel begleitet.


Jeder Schüler bekam fünf weiße DIN A4 Blätter, die er spontan falten sollte. Daraufhin sollten die SchülerInnen die Blätter, zu denen kleine, weiße Plastikfiguren von Menschen eingesetzt wurden, räumlich und kompositorisch anspruchsvoll zusammenstellen.

Die Ergebnisse wurden anschließend fotografiert. Die Schüler sollten die Erfahrung des Raumes und unterschiedliche Raumgefühle experimentieren in denen sie erstmals als Designer und Beobachter außen stehen, um im zweiten Teil des Workshops kleine Figuren innerhalb eines großen, weißen Raumes zu werden, in denen Tyvek-Bahnen unter Anleitung manipuliert wurden. Diese Choreographie-ähnlichen Raumskulpturen wurden fotografiert und gemeinsam analysiert.

## MUDAM-Trail • 1h30

Anschließend machten die Schüler den Mudam-Trail, eine Art Rallye bei der Fragen über den Innenteil und den Außenbereich des MUDAMs beantwortet werden mussten. Nach Beantwortung aller Fragen entstand ein Lösungssatz, der den Schlüssel zu einem Versteck andeutete in dem die schnellste Gruppe eine Tüte mit Art Freak Buttons für die ganze Klasse fand.

Die Klasse war mit viel Spaß und großer Begeisterung bei der Sache! ◀







# LA FORMATION CONTINUE REVISITÉE



« Eppur si Muove » le 9 janvier 2016



« Orchideeën, Kakao & Kolibrien » le 28 mai 2016

Après le succès de la 'formation-visite guidée' par André Mousset au Mudam de l'exposition « Eppur si Muove » le 9 janvier 2016, réunissant les arts et les métiers de manière ludique, une vingtaine de professeurs du LAM ont à nouveau répondu présents pour une deuxième formation du genre, cette fois-ci avec Guy Kersch qui les a emmenés en 'voyage' à travers l'exposition « Orchideeën, Kakao & Kolibrien » au Musée national d'histoire naturelle le 28 mai 2016. L'idée originale de Serge Schaetzel et l'organisation par Isabelle Junck d'une formation continue vivante, interdisciplinaire et conviviale, pourraient faire des émules. ◀



# EXPÉRIENCE MNHA MUSÉE 2016

02.02.2016 • 12AR1



Der Besuch der 12AR1 - unter der Aufsicht von Frau Andrée Pundel und Herrn Ralph Killburg - bei Herr Rainer Fischer, dem archäologischen Restaurator des Musée national d'histoire et d'art (MNHA) begann mit einer Einführung in die Materialien die restauriert werden. Hierbei handelt es sich um Keramik, Glas, Metalle und Holz.

In Luxemburg werden viele Rettungsausgrabungen gemacht, bei denen Funde von den Kelten und den Römern zu Tage gebracht werden. Diese werden gesäubert, klassiert, fotografiert, geröntgt, haltbar gemacht, entsalzt, zusammengefügt - je nach Material und Zustand der Fundsachen. Wir haben gesehen, wie Scherben im Keramikatelier zu Vasen und Töpfen zusammengeklebt werden. Metallteile, wie Waffen, werden geröntgt um Edelmetalle sichtbar zu machen, die dann sandgestrahlt oder gefeilt werden, um

die kostbaren Ornamente sichtbar zu machen. Die Restaurierung des „Vichtener Mosaiks“ wurde erklärt. Es handelt sich um eines der schönsten und größten römischen Mosenmosaiken Europas, auf dem Homer von neun Musen umgeben ist. Es stammt aus dem Jahre 240 nach Christus.

Um den Beruf des Restaurators ausüben zu können, braucht man handwerkliches Geschick sowie eine Auffassungsgabe für dreidimensionale Objekte. Ein gutes Beispiel einer solchen Arbeit, die uns gezeigt wurde, ist die Restaurierung einer Gipskopie von 1939 der Büste von König Karl von Böhmen, aus dem Geschlecht der Luxemburger.

Es war sehr interessant, einen Einblick in die sonst nicht zugänglichen Ateliers des Museums zu bekommen. ◀

Hinter den Kulissen  
Besuch des Ateliers für archäologische Restaurierungen im MNHA





# BEE CREATIVE

Forum Geeseknäpchen  
20.11.2015 • T3DG

Drone Hunting war der erste Workshop des Tages, in dem die Schüler der T3DG zusammen mit Frau Andrée Pundel über die grundlegenden Eigenschaften der kleinen Drohnen wie Flughöhe, Schnelligkeit und Material aufgeklärt wurden. Verschiedene Quadrirotors wurden gezeigt und vorgeführt. Auch der rechtliche Rahmen zur Nutzung der Drohnen auf nationalem Territorium wurde angerissen. Ein Hindernisparcours wurde anschließend via iPad –Steuerung mit der fliegenden und springenden Jumping Sumo - Drohne von der Klasse erfolgreich zurückgelegt. Ziel war es, einen Ballon in einem Ring zum Platzen zu bringen.

Der Be Aware Hackerworkshop war wie ein Spiel angelegt. Die Klasse wurde in 4 Gruppen geteilt, die jeweils ein geschlossenes World-Wide-Netz bildeten. Ein Schüler wurde beauftragt, als Administrator die Mails an die anderen Gruppenmitglieder über eine fiktive IP – Adresse weiterzuleiten. Die Schüler lernten die Grundlagen des Hackens in einem interaktiven Spiel, bei dem es um Verständnis und Schnelligkeit ging. Dabei wurden keine Computer benutzt. Wir sahen zudem, wie man einen Code dank der Kryptanalyse und Caesars Wheel entschlüsselt.

Im Wearables Workshop nähten Schülerinnen kleine LED-Leuchten - die mit leitendem Garn an eine Batterie angeschlossen wurden - auf Kappen auf. Mit elektronischen Kleinbauteilen können mit dieser Technik Kleidungsstücke und Accessoires aufgepeppt werden. Nach den Workshops konnten die Schüler der T3DG die anderen angebotenen Workshops oder Demos des Bee Creative Days besuchen. ◀







# CNA

T0TI | 18.01.2016

Visite du département photo du Centre national audiovisuel (CNA) avec la classe T0TI. Mme Sandy Dos Santos nous a présenté quelques beaux daguerréotypes, ambrotypes et ferrotyes, sortis des archives. ◀



120



T1TI | 21.03.2016

Visite de l'exposition mondialement connue **The family of man** d'Edward Steichen le 21 mars 2016 à Clervaux en compagnie de Mme Mylène Carrière du CNA et de Mme Myriam Rollmann. La classe a profité de l'occasion pour visiter toutes les expositions en plein air de photographes contemporains (Andrea Grützner, Erbgericht) de la Cité de l'image. ◀

# THE FAMILY OF MAN



## LES FRONTIÈRES DE L'INDÉPENDANCE :

### LE LUXEMBOURG ENTRE 1815 ET 1839

Le 5 février 2016, dans le cadre des semaines « Expériences Musée », la 9TE3 a participé à une visite guidée au « Musée Dräi Eechelen » (M3E).

Nous avons discuté de l'histoire du Luxembourg, des guerres dans notre région, des puissances qui ont occupé le Luxembourg, des liens entre le Luxembourg, les Pays-Bas, la France, la Belgique et l'Allemagne et de la géographie ancienne du Luxembourg grâce à une grande maquette de la Ville de Luxembourg. Nous avons également abordé la manière dont les pays européens ont partagé l'Afrique, de l'observation des anciennes frontières, des documents historiques, des guillotines.

La classe a même fait un débat avec l'acteur Fabio Godinho sur divers thèmes : les différentes cultures dans le pays, la façon dont les Luxembourgeois perçoivent cette multi-culturalité, l'importance de ne pas confondre terroristes et migrants, l'intégration dans le pays, les débats sur les langues maternelles, l'obligation d'apprendre la langue locale et surtout la tolérance. ◀

Marco COLAMONICI 9TE3



## VISITE DE LA LUXEMBOURG AIR RESCUE

Le 3 juillet 2015, la classe 12GE2 a visité la Luxembourg Air Rescue (LAR) au Findel. Sous une canicule étouffante à plus de 35°C, les responsables nous ont présenté l'organisation de la LAR (présentation audiovisuelle), suivi de la visite d'un avion ambulance, d'un hélicoptère ainsi que de la centrale d'alerte. Les élèves ont bien participé en posant diverses questions techniques aux guides.

Lors de notre visite nous avons par hasard rencontré un jeune mécanicien d'avion et d'hélicoptère, M. Gilles Schmit, ancien élève du LAM (classe T3MG). Celui-ci n'a pas hésité à interrompre son travail pendant quelques minutes pour expliquer à nos élèves son parcours de formation, depuis son diplôme obtenu au LAM jusqu'à son poste actuel. Monsieur Schmit a renseigné les élèves sur des données techniques intéressantes à propos des avions et des hélicoptères de la LAR.

Après avoir passé près de deux heures sur le tarmac dans la chaleur, tout le monde a été enchanté de déguster une bonne boisson rafraîchissante offerte par la LAR à la fin de cette passionnante visite. ◀





# THE ART OF TRANSFORMING AN EMBASSY INTO A GALLERY

In September, the US Embassy in Luxembourg came up with a novel way of filling its rooms with art by inviting ten Luxembourgish women artists to exhibit their work.

"As we don't have a new ambassador yet, I wanted to display art in the interim. My idea was to show the work of local women," she said during the inauguration at the residence.

The U.S. Embassy hosted a vernissage of an art exhibition entitled: Artistes Luxembourgeoises. The exhibition showcased ten local talents ; Manon Bertrand, Martine Deny, Malou Faber-Hilbert, Flora Mar, Laura Marxen, Iva Mrzkova, Anna Recker, Christiane Schmit, Marie-Pierre Trauden-Thill, Claire Weides-Coos and Annette Weiwers-Probst.

The students were delighted to discover the history and explore the architecture of the residence in Limpertsberg on Boulevard Servais.

Michèle Jans, arts teacher at the LAM, gave some insight on the numerous paintings and sculptures of the artists.

In her welcoming remarks, Ms. Shorter-Lawrence quoted one of America's greatest female artists, Georgia O'Keefe: "I found I could say things with color and shapes that I couldn't say any other way - things I had no words for." and "To create one's world in any of the arts takes courage."

Ms. Michèle Jans, Ms. Jessica Walté and Ms. Myriam Rollmann and their students felt very honored to be invited to the Embassy. It was quite an extraordinary experience. ◀

Jessica WALTÉ




# SCIENCE FESTIVAL

Den 12. an 13. November 2015 hunn d'Klassen 7ST11, 8TE11, 6M1, 8TE13 an 9TE12 un der Editioun 2015 vum Science Festival deelgeholl. Um Site vum Naturmusée a vun der Abtei Neumünster gouf et iwwer 50 Atelieren aus verschiddenen Beräicher vun der Wëssenschaft ze entdecken.

Um Stand vu Ceratizit, engem lëtzebuurger Produzent vun Haartmetall, konnten eis Schüler d'Eegeschafte vu diverse Materialien mat deene vun Haartmetall vergläichen a verstoe wou dës Wierkstoff seng praktesch Uwendungen huet. De Jongelycée hat e Stand organiséiert op deem eis Schüler d'Energie ënnert hire verschiddenen Formen entdecken konnten. Am Elektronikatelier vum Departement "Computer Science and Communications Research Unit" vun der Uni Lëtzebuerg krute mir gewise wéi e mat einfache Mëttele kleng elektronesch Schaltungen opbaue kann. An der "Physikanten Show" krute mir spektakulär Experimenten aus dem Beräich vun der Physik ënnert anerem mat Feier an Héichspannung presentéiert. Wéi e ka Liicht ausserhalb vum siichtbare Beräich siichtbar maache krute mir vum Team "Experimenteshows" androcksvoll gewisen andeems si eis e puer Experimenten am Infrarout- an UV-Liicht visualiséiert hunn. ◀

Luc BERNARDIN, Michel KRIEPS, Corinne RAUEN, Max WEYLER





# PORTUGAL

124



Deux classes artistiques (12AR2 et 11AR1) du Lycée des Arts et Métiers  
et une classe du Lycée technique pour Professions de Santé (12SI2) se sont rendues au Portugal  
du 3 au 10 juillet 2015 pour un voyage d'études.



# VOYAGE D'ÉTUDES AU PORTUGAL



Les trois classes furent accompagnées par Mme Danièle Hilger, Mme Isabelle Lutz, Mme Karin Ney, Mme Annette Schmit, M. Robert Kanz, M. Pierre Scheuer, Mme Claude Wagener et M. Bob Wintersdorff. Le voyage a été organisé en collaboration avec son Excellence Paul Schmit, Ambassadeur à Lisbonne et Monsieur Christophe Schoentgen, Consul à l'Ambassade.

Le but de ce voyage fut de faire connaître la richesse culturelle et historique de ce pays, aussi bien aux élèves d'origine portugaise qu'aux élèves luxembourgeois. Sachant que la population portugaise représente aujourd'hui un contingent de quelque vingt pourcent, bien trop souvent les élèves n'ont que des connaissances parcellaires sur leur pays d'origine. Ce voyage a pu mettre en exergue l'histoire médiévale et moderne, ses arts et sa fameuse École navale. Sur le plan culturel, les élèves ont été mis en contact avec la richesse architecturale et artistique couvrant les différentes époques, comme reflet de la situation historique et politique couvrant toutes les époques jusqu'à l'art contemporain. Deux voyages en voilier et catamaran ont pu leur faire découvrir la beauté du fleuve Tejo ainsi que les baies de Lisbonne avec ses dauphins. Une visite du Centre Hospitalier Universitaire Santa Maria a mis en exergue l'excellence médicale de ce complexe hospitalier ainsi que la qualité des soins qui y sont prodigués.

A deux reprises la délégation fut invitée par l'Ambassadeur. Une première fois à une réception qui fut donnée à l'Ambassade. L'Ambassadeur Paul Schmit nous a fait l'honneur de pratiquer lui-même la visite guidée de ce bâtiment historique qu'est l'Ambassade de Lisbonne. Il a retracé les liens entre la Famille souveraine du Luxembourg et la famille royale qui a régné jusqu'en 1910 au Portugal et a insisté sur l'étape du passage de la Famille grand-ducale et du gouvernement en exil via le Portugal. Sujet du tracé historique fut également le rôle du Consul portugais de Bordeaux, Aristides de Sousa Mendes surnommé le « Schindler Portugais » qui

a sauvé 30000 vies dont celles de beaucoup de Juifs luxembourgeois durant la Deuxième Guerre Mondiale. **« Désormais, je donnerai des visas à tout le monde, il n'y a plus de nationalité, de race, de religion »**, a affirmé Aristides Sousa Mendes.

Le second événement fut l'invitation au concert de la pianiste luxembourgeoise Cathy Krier, qui a eu lieu à l'extraordinaire chapelle du Museu Nacional do Azulejo (carrelages en faïence). Les élèves ont beaucoup apprécié l'opportunité de pouvoir découvrir le monde diplomatique et s'étaient mis sur leur 31.

Dans l'enceinte de l'ambassade, un projet intéressant a pu être esquissé pour un prochain voyage au Portugal. Il s'agirait d'organiser un atelier artistique commun entre des élèves du Lycée des Arts et Métiers et ceux d'un Lycée semblable à Lisbonne et d'organiser par la suite une exposition de leurs travaux. Les volets de la recherche scientifique seront développés lors du prochain voyage, notamment la sismologie, la biologie marine, l'écologie marine, la navigation, la cartographie et l'astronomie. Au Musée Berardo, la riche collection d'art moderne et d'art contemporain offrira l'occasion de montrer le lien étroit entre arts et sciences aux XX<sup>e</sup> et XXI<sup>e</sup> siècles.

